PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Wéi d'Wort an engem Artikel vum 19te Januar beriicht, hunn de belschen an de lëtzebuergesche Mobilitéitsminister eng Participatioun vun der EU-Kommissioun ugefrot, fir d'Zuchstreck tëschent Lëtzebuerg a Bréissel an de Genoss vun europäeschen Hëllefsgelder kommen ze loossen.

Un der Verbindung tëschent den zwou Haaptstied gëtt zur Zäit nach geschafft. Am Joer 2016 haten déi lëtzebuergesch a belsch Regierung deklaréiert, dass ab 2023 d'Verbindung sollt an 2 Stonnen a 7 Minutte realiséiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Sinn déi deemoleg Ukënnegunge vun 2016, nach bis 2023 realiséierbar, oder wäerten d'Aarbechten un dëser Streck sech déi nächst Joren nach weider zéien?
   Falls letzteres zoutrëfft, wéini mengt de Minister, datt d'Streck Bréissel-Lëtzebuerg an 2 Stonnen a 7 Minutte gefuer wäert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député